

Projet de Loi 6670: Dem Claude Meisch seng Krichserklärung un déi Jonk!


Well Banken a Konzernier fir eng riseg Wirtschaftskris gesuert hunn, wëll d'Regierung lo gäre spueren. Amplaz d'Versaacher vun der Kris ze belaaschten, gëtt **bei denen Jonken gespuert**. Dat ass fir si jo och déi einfachste Methode u Frick ze kommen:

D'Regierung geet dovunner aus, datt déi Jonk sech net wiere wäerten. Déi meeschten Studenten sinn de Moment am Ausland, d'Schüler hu geschwënn Examen an déi Jonk hunn insgesamt keng Lobby: **ween soll d'Regierung also dovunner ofhalen** op Käschte vun deene Jonken d'Staatsfinanzen ze sanéieren?

Dem Claude Meisch säi super **Plang** kuerz erkläert:

Amplaz 6500€/Joer Basis ginn et der vun lo un just nach 2000€/Joer fir Studium, Loyer a Liewenskäschten ze bezuelen, also net mol méi 170€ am Mount! Méi Suen gëtt et just nach wann bestëmmt Konditiounen erfëllt sinn. Dës Konditiounen hu just een Zil: **sou vill wéi méiglech Suen anzespueren**. Insgesamt ginn 40% agespuert. 90% vun de wesentlech manner

vum Budget fir Studieboursen Jonken wäerten no der Reform Suen hunn.



An den Minister Meisch zéckt net, fir sech mat **domme Spréch** och nach iwwert déi Jonk lëschtég ze maachen: Jonker kéinten dach parallel zum Studium schaffe goen oder bei enger Bank e Prêt ufroen a sech doduerch verschëlden.

STREIK

Et geet lo duer: Lo gi mir op d'Strooss! All Jonken huet d'Recht op e Studium oder eng Ausbildung. Sue fir Bildung sinn eng Zukunftsinvestitioun. Mir kämpfen, fir d'**Onofhängegkeet** vun de Jonken, fir eis **Bildung** a fir d'**Zukunft**. De 5611-Streik huet gewisen, dass och déi Jonk gehéiert gi mussen, wa se solidaresch zesummen op d'Strooss ginn.

Den 25 Abrëll: kee Mënsch an de Cour, all Jonken op d'Strooss!

Maach mat beim Streik: 25. Abrëll

Informéier dech: Streik.lu